



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 2 mai 2019  
Réf. N° QP -33/19



Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation  
L-2450 Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°595 du 3 avril 2019 de l'honorable Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Vice-Premier Ministre,  
Ministre de la Justice

Félix BRAZ



**Äntwert vum Här Felix Braz, Justizminister, op déi parlamentarësch Fro n° 595, vum 3.  
Abrëll 2019, vum honorablen Députéierten Marc Goergen**

Am Duerchschnëtt sinn all Joer 30 Mannerjäreger an der Period tëscht 1992 an 2013 (22, 34, 11, 28, 46, 72, 51, 40, 17, 21, 44, 33, 37, 26, 21, 21, 30, 26, 31, 22, 7) am Centre pénitentiaire zu Schrasseg placéiert ginn. Den Héchststand an där Période läit bei 72 Mannerjäreger am Joer 1997 an, méi rezent, am Joer 2004, bei 37 Mannerjäreger.

An der Period tëscht 2014 an 2018 goufen déi niddregst Zuelen vu Placementer vu Mannerjäreger zanter 1992 enregistréiert, dat an de Joëren 2015 (4 Placementer) an 2018 (6 Placementer), an den Duerschnëtt läit bei 12.

Et ass zousätzlech ze bemierken, datt d'Parquetë vu Lëtzebuerg an Dikkrëch den 12. Februar 2018 eng Circulaire erausginn hun, déi di selwecht Kritären zu engem Placement vun engem Mannerjäreger applizéiert wéi de Projet de loi n° 7276 deen de Jugendschutz reforméiert. Tëscht der Verëffentlechung vun der Circulaire an haut gouf just ee Mannerjäreger fir eng Nuecht am Centre Pénitentiaire zu Schrasseg ënnerbruecht.

Am Centre pénitentiaire zu Givenech sinn nach nie Mannerjäreger placéiert ginn.